# Rapport Referees' Commission - 27.08.2025

Present : Courtois, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Weinquin Weinzierl,Welter

Entschëllegt : Frieseisen

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 25.06.2025***

2) ***Verdeele vun den Aufgaben***

*D'RefCom begréisst d'Jil Welter als neie Member a senger Funktioun als Representant vum CA.*
*Dem Artikel 18 vum Code du Handball no, freet d'RefCom den CA, fir den Denis Weinquin als neie Präsident vun der RefCom ze nominéieren. Den Denis iwwerhëlt och de Poste vum Chef-Arbitter.*
*De Paul Nesser gëtt Responsabele vun der Formatioun.*

3) ***Stage Ufank Saison a Weiderbildung***

*Den Arbitter Stage den 23./24. August war e vollen Erfolleg. E grousse Merci gëllt natierlech dem Sponsor, mee och dem Beat Nagel (EHF- Lekturer aus der Schwäiz) fir den interessante Cours.*

*Nächst Formatioune fir all Arbitter sinn:*
*De 25.10.2025 vun 10h00 – 12h00*
*Den 13.12.2025 vun 10h00 – 12h00*
*all Kéier zu Stroossen an der Maison des Sports (3, route d'Arlon L-8009 STRASSEN)*

*Och fir „jeunes arbitres" ginn ab Oktober verschidde Formatiounen ugebueden. Hei kommen nach weider Detailer.*

*Den C-Schäin ass och an der Preparatioun an ass fir Ufank 2026 geplangt.*

4) ***Tester Ufank Saison:***

*D'RefCom huet fir dës Kéier een nei Laftest ausprobéiert. Merci dem Jeff Paulus fir seng grouss Ënnerstëtzung.*

*Och de Reegeltest war mat neien, onbekannte Froen, e bëssen ëmgeännert.*

*Allgemeng sinn Tester zefriddestellend bis ganz gutt ausgefall.*

*Eng lescht Seance ass den 13. September zu Esch/Lalleng.*
*09h15 RV*
*09h30 Laftest (30-15 IFT) – AXA league*
*10h30 Reegeltest – all*

5) ***Austausch mam Ausland:***
*Den Denis Weinquin hëlt nach eng Kéier Kontakt mat Éistraich op. De Paul Nesser huet alles an Dänemark geschéckt, mee do koum nach kee Retour mat Detailer.*

6) ***Tenue Arbitter:***

*Et ginn nach vill Arbitter déi hier nei Tenue (T-Shirt, Polo an Hoodie) nach net siche waren. D'RefCom weist doropshin, dass déi Tenue OBLIGATORESCH ass. D'Arbitter sollen déi Tenue (Polo – Hoodie) wärend hirem Openthalt an der Hal wou si päifen droen. Den T-Shirt ass geduecht fir wärend dem Opwiermen.*

7) ***Rapporte Rout a Blo Kaarten***
*D'RefCom informéiert, dass d'Arbitter ab der Saison 2025/2026 fir rout Kaarte kee Rapport méi schreiwen. Eng rout Kaart ass eng Matchstrof.*

*Bei enger eventueller bloer Kaart, ass de Rapport direkt um SBO ze verfaassen. Den Heemveräin ass responsabel, dass d'Arbitter dat a Rou maache kënnen.*

8) ***Leon Donven***
*No 55 Joer am Corps arbitrale huet de Leon Donven decidéiert seng Päif elo definitiv un de Nol ze hänken. D'RefCom seet dem Leon Merci fir säi laangjäregen Asaz. D'RefCom freet dann och den CA, fir dem Leon eng adequate Recompensatioun zoukommen ze loossen.*

9) ***Besetzung Matcher an der Saison 2025-2026***
*Fir d'Saison 2025-2026 stinn der RefCom am Ganzen 43 Arbitter zu Verfügung. Do sinn der nach 2 verletzt, an 2 matgezielt, déi just am Noutfall asprangen. Vun den 39 Arbitter déi bleiwen, spillen der e puer an anerer schaffen op Schicht. D'Besetzungskommissioun deelt mat, dass dat op dem engem oder anere Weekend zu Problemer féiere kann, fir all Match ze besetzen. Sollt dat néideg si, gi fir d'éischt d'Matcher vun de Reserven-Ekippen, da vun der Frae Promotioun a wann néideg dann déi vun der Häre Promotioun, net besat.*

*Fir de Spillprogramm net ze vill op Kopp ze geheien, schléit d'RefCom fir, esou Matcher ze kucke, wéi wann den Arbitter net opgetaucht wier. Sollt e Match net kënne mat engem Arbitter besat gi, ginn déi 2 Veräiner informéiert. Déi 2 Veräiner kënne sech dann op eng Persoun eenegen, den de Match leede soll. Ginn si sech eens, kann de Match wéi programméiert gespillt ginn – den Accord vun den 2 Ekippe MUSS virum Match am SBO ënner „Sonstiges" notéiert ginn.*

*Fannen d'Ekippe keen Accord iwwert den Arbitter, mussen d'Veräiner kucken, soubal wéi méiglech een neien Datum ze fannen.*

10) ***Reegelännerungen 01.07.2025***
*Um Stage kruten d'Arbitter och déi nei Reegelen a méi detailléiert Interpret7atiounen dovunner virgestallt.*

*Sollt e Veräi, Kommissioun oder Mataarbechter un enger Presentatioun interesséiert si, kënne si sech bei der RefCom mellen.*

11) ***Cours SBO/Chrono***
*D'RefCom huet 3 Datumer festgehale fir Coure fir SBO/Chrono:*
- *Samschden den 20. September 2025 vun 09h30-12h00 zu Miersch um Krounebierg*
- *Mëttwoch de 24. September 2025 vun 19h00 – 21h30 zu Stroossen an der Maison des Sports* ***op Franséisch***
- *Samschden de 27. September 2025 vun 09h30 – 12h00 zu Esch/Lalleng*

12) ***5. Offiziellen***
*Ab der Saison 2025/2026 si 5 Offizieller am Auswiesselraum erlaabt. De 5. Offizielle kritt de Buschtaf „E".*

***Nächst RefCom: Dënschden de 07. Oktober 2025 um 18h30***
***zu Stroossen an der Maison des Sports (Sall 2)***